ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Tierkei gehéiert nët an d'EU!

Pressematdeelung vum 2. August 2016

D'Tierkei gehéiert net an d'EU, dat ass déi konstant Positioun vun der ADR. Déi rezent politesch Onrouen, d'Ofdrifte vum Land a Richtung Diktatur , déi laang Geschicht vu Putschen a politeschen Onrouen a Korruptioun a net zu Lescht d'Relatioun vun der Tierkei mat Griicheland and d'militäresch Besetzung vun engem Deel vun Zypern ginn eis an dëser Positioun Recht. Dat verhënnert net, dem Land tëscht Europa an Asien Rechter als privilegéierten Handelspartner ze ginn. An dat setzt och net dem Nato-Member Tierkei seng wichteg Roll am militäresche Beräich erof.

Dofir fuerdert d'ADR, datt d'Verhandlungen iwwer eng EU-Memberschaft vun der Tierkei elo definitiv ofgebrach ginn. Et gëtt Zäit, der Tierkei endlech d'Wourecht ze soen, amplaz datt dat Land elo iwwer 50 Joer bal ouni Resultat a Verhandlunge mat der Europäescher Gemeinschaft ass.

An där aktueller Situatioun ass d'ADR besonnesch besuergt iwwer d'Entwécklung vun de Mënscherechter nom Putsch: Gewalt, Folter, Aschränkung vun de Mënscherechter a vun der Pressefräiheet, Ofschafung vun der Gewaltentrennung, massiv Entloossungen am ëffentlechen Déngscht, och an der Justiz, a Repressiounen a Pressioune gehéiren net an e Staat, dee vu sech behaapt, e Rechtsstaat wëllen ze sinn.

D'ADR fuerdert och, datt d'Tierkei hire Flichte beim Schutz an der Kontroll vun hire Grenzen nokënnt an net duerch eegen Negligence d'Paarte fir Flüchtlinge wäit opmécht.

D'ADR ënnersträicht och, datt si géint eng Visafräiheet fir Leit mat engem tierkesche Pass ass. D'Tierkei ass all Dag méi wäit dovun ewech, fir och nëmmen déi minimal Konditioune fir esou eng Visafräiheet ze erfëllen.

An deem Kontext begréisse mir déi rezent Kritik un der Tierkei aus de Reie vun der CSV. Déi Partei schéngt eng Kéier ze huelen. elo wou si ufänkt, net méi fir en onbedéngten tierkesche Bäitrëtt an d'EU anzetrieden an op d'mannst en temporäre Stopp vun de Verhandlunge fuerdert. Dat ass e Schrack an déi richteg Richtung. Et misst een awer nach wëssen, ob dat Eenzelmeenunge sinn, oder ob dat d'Meenung vun där ganzer Partei ass.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**